Entrée le 14.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture
Référence : 119/2024
15 FEV. 2024
A traiter par :
Copie à :

Lëtzebuerg, den 14/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

A menger virrechteger Fro (n°148) huet d'Regierung mer d'Zuelen u Subsiden an aneren Hëllefen, déi Déierenasyler zu Lëtzebuerg kréien, konnte nennen. Dëst waren Déierenasyler zu Gaasperech, zu Diddeleng, zu Esch an zu Schëffleng. Fir kënne festzestellen, ob dës Hëllefen duer ginn, muss een natierlech och d'Auslaaschtung vun den Asyler an de leschte Joeren kennen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat fir Kapazitéiten hunn déi genannten Déierenasyler (opgeschlësselt no Déierenaart)?
2. Wat war am Schnëtt d'Auslaaschtung vun den Asyler iwwert déi lescht 3 Joer gekuckt (opgeschlësselt no Mount)?
3. Wéi vill Déiere konnten an de leschten 3 Joer vun den Asyler vermëttelt ginn (opgeschlësselt no Déierenaart)?
4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass et weider Asyler zu Lëtzebuerg brauch?
5. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Kapazitéiten an de bestoenden Asyler kuerz- a mëttelfristeg gesinn héisch genuch sinn?
6. Si weider Asyler geplangt? Wa jo, wou?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 334 vun dem éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wat fir Kapazitéiten hunn déi genannten Déierenasyler (opgeschlësselt no Déierenaart)?**

| | |
|---|---|
| Gaasperech: | Plaz fir 76 Hënn a 40 Kazen |
| Diddeleng: | Plaz fir 10 Hënn a 40 Kazen |
| Schëffleng: | Plaz fir 10 Hënn a 40 Kazen |
| Esch: | Plaz fir 11 Hënn a 25 Kazen |

**2. Wat war am Schnëtt d'Auslaaschtung vun den Asyler iwwert déi lescht 3 Joer gekuckt (opgeschlësselt no Mount)?**

Zwee Asyler hunn hir Donnéeën op Nofro matgedeelt:

**Gaasperech:**

<u>Hënn</u>

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Januar | 55 | 71 | 82 |
| Februar | 54 | 83 | 87 |
| Mäerz | 57 | 84 | 86 |
| Abrëll | 57 | 81 | 86 |
| Mee | 57 | 77 | 90 |
| Juni | 61 | 84 | 83 |
| Juli | 65 | 92 | 90 |
| August | 78 | 86 | 78 |
| September | 70 | 87 | 79 |
| Oktober | 73 | 89 | 95 |
| November | 74 | 84 | 99 |
| Dezember | 79 | 76 | 93 |

Kazen

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Januar | 17 | 20 | 25 |
| Februar | 21 | 19 | 20 |
| Mäerz | 27 | 20 | 29 |
| Abrëll | 27 | 29 | 45 |
| Mee | 25 | 41 | 44 |
| Juni | 43 | 51 | 47 |
| Juli | 52 | 33 | 47 |
| August | 29 | 30 | 37 |
| September | 33 | 33 | 51 |
| Oktober | 30 | 30 | 26 |
| November | 31 | 28 | 30 |
| Dezember | 25 | 20 | 21 |

**Diddeleng:**

Hënn

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Januar | 4 | 5 | 1 |
| Februar | 2 | 1 | 6 |
| Mäerz | 1 | 2 | |
| Abrëll | 2 | 4 | |
| Mee | 3 | 2 | |
| Juni | 3 | 2 | |
| Juli | 4 | 6 | 1 |
| August | 1 | 1 | 2 |
| September | 3 | 2 | |
| Oktober | 1 | 1 | |
| November | 2 | 1 | 1 |
| Dezember | 4 | 3 | 1 |

Kazen

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Januar | 14 | 8 | 5 |
| Februar | 17 | 2 | 4 |
| Mäerz | 5 | 7 | 4 |
| Abrëll | 11 | 11 | 11 |
| Mee | 26 | 14 | 33 |
| Juni | 20 | 38 | 25 |
| Juli | 28 | 16 | 21 |
| August | 13 | 19 | 16 |
| September | 12 | 6 | 17 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Oktober | 24 | 8 | 33 |
| November | 18 | 12 | 13 |
| Dezember | 16 | 5 | 16 |

**3. Wéi vill Déiere konnten an de leschten 3 Joer vun den Asyler vermëttelt ginn (opgeschlësselt no Déierenaart)?**

Zwee Asyler hunn hir Donnéeën op Nofro matgedeelt:

**Gaasperech:**

<u>Hënn</u>

| 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|
| 144 | 151 | 159 |

Kazen

| 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|
| 315 | 284 | 290 |

**Diddeleng:**

<u>Hënn</u>

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Januar | 2 | 6 | 2 |
| Februar | 4 | 4 | 3 |
| Mäerz | 2 | | 1 |
| Abrëll | 1 | 1 | |
| Mee | | 6 | 1 |
| Juni | 5 | 3 | 2 |
| Juli | 2 | 3 | |
| August | 1 | 1 | 1 |
| September | 3 | 3 | |
| Oktober | 2 | 1 | 2 |
| November | | 3 | |
| Dezember | 2 | 1 | |

Kazen

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Januar | 23 | 16 | 13 |
| Februar | 18 | 9 | 3 |
| Mäerz | 8 | 7 | 6 |
| Abrëll | 4 | 9 | 13 |
| Mee | 13 | 2 | 7 |
| Juni | 14 | 12 | 17 |
| Juli | 23 | 16 | 22 |
| August | 23 | 16 | 23 |
| September | 16 | 12 | 20 |
| Oktober | 19 | 19 | 28 |
| November | 11 | 9 | 29 |
| Dezember | 10 | 13 | 22 |

**4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass et weider Asyler zu Lëtzebuerg brauch?**

**5. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Kapazitéiten an de bestoenden Asyler kuerz- a mëttelfristeg gesinn héisch genuch sinn?**

D'Asyler sinn de Moment am Zentrum a Süde vum Land konzentréiert. Een Asyl am Norde vum Land géif hëllefen, d'Situatioun ze entlaaschten, awer och just kuerzfristeg. Dofir mëcht de Landwirtschaftsministère notamment regelméisseg Sensibiliséierungskampagnen ënnert dem Motto „En Déier ass kee Moudenaccessoire" fir d'Léit drop hinzeweisen dat d'Uschaafen vun engem Hausdéier een Engagement an eng Responsabilitéit fir d'Liewen ass.

**6. Si weider Asyler geplangt? Wa jo, wou?**

Virun engem gudde Joer gouf een Opruff un d'Gemenge vum Land gemaach fir ze kucken, wou eventuell d'Méiglechkeet fir een neit Asyl géing bestoen. Et huet just eng Gemeng en Interêt gewisen, ouni dass e konkrete Projet an der Planung ass.

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN